BËSCHPOLIZIST

Maarkollef - Eichelhäher - geai des chênes - eurasian jay - Garrulus glandarius

VERSTOPPCHES?









De Wanter ass fir vill Déieren eng ganz schwiereg Zäit, well si meeschtens net méi vill ze friesse fannen. Dofir fléien déi eng an de Süden (Schmuewelen, Storchen) oder halen e Wanterschlof (Fliedermais, Kéiseker). Natierlech bleiwen och Déiere bei ons a probéieren ze iwwerliewen.



Gudden Trick

Fir am Wanter net ze erhéngeren, huet de Maarkollef eng ganz intelligent Method fonnt. Hie verstoppt am Hierscht 4000-5000 Eechelen, Buakeren an Nëss am Bësch. Mä well hien e ganz gudde Verhalt huet, verstoppt hien ëmmer just eng eenzeg Eechel (oder Noss) op eng Plaz. De Virdeel ass natierlech, wann en anert Déier eng Stopp fënnt, ka just eng eenzeg Eechel (oder Noss oder Buaker) geklaut ginn.





Wichteg!

Natierlech fënnt de Maarkollef selwer och net all Plaz erëm an do kann dann eng Eech, eng Buch oder en Nëssert wuessen (dat kënnen ongeféier 1500 Beem am Joer sinn). De Maarkollef huet also eng ganz wichteg Roll an der Natur, besonnesch elo beim Klimawiessel, wou all Bam gebraucht gëtt fir ons géint d'Hëtzt ze schützen.

Experiment

Verstopp 10 Eechelen oder Nëss op 10 Plazen am Bësch a probéier si no enger Woch erëmzefannen. Hues Du si all fonnt? Stell dir vir, du misst, wéi de Maarkollef, op d'mannst 4000 Plazen e puer Méint laang verhalen.

Ausgesinn

De bronge Maarkollef ass esou grouss wéi eng Dauf an ass ganz liicht u senge blo mat schwaarze Fiederen am Flillek ze erkennen. Hie gehéiert zu der Famill vun de Kueben. De Maarkollef kanns du am ganze Land an de Bëscher gesinn.





Bëschpolizist

Hie gëtt Bëschpolizist genannt, well hie Kreesch deet fir seng Kolleegen (an domat och déi aner Déieren) ze warnen, soubal hien e Feind gesäit. Mä hie kann net nëmme fuerchtbar jäizen, mä och ganz gutt de Ruff vum Bëschkauz a vum Bussar nomaachen.





Menu

Um Menu vum Maarkollef stinn net nëmmen Eechelen, Buaker an Nëss, mä och nach Bier, Insekten (Kiewerleken, Päiperleken) an och heiansdo jonk Vullen an Eeër. Dowéinst war hie fir verschidde Leit schiedlech an ass och geschoss ginn. Dat ass awer elo verbueden, well zu Lëtzebuerg stinn all d'Sangvullen ënner Naturschutz. An d'Kuebe sinn och Sangvullen.















